


4. Mee 2024 / 77

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

**"Save the Date"**

Nationalen Concours **08.06.2024** zu Dudelange (Stade JF Kennedy)
Journée Nationale de la Sécurité civile **22.09.2024** zu Echternach
National Crossmeeschterschaft **05.10.2024** zu Ettelbréck



**De Präsidium seet Iech alleguerte Merci fir Är Präsenz op der AG zu Miersch.**

**Merci fir Äert Vertrauen a mir schaffe weider am Sënn vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën ☺.**

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

# SITE MOBILE
## JUGENDPOMPJEEËN



**Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS)**
**30.05.2024**

**Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS)**
**08.06.2024**

**Wiltz**
**25.06.2024**

**Echternach**
**16.07.2024**

**Wann Dir äert Kand wëllt fir d'medezinesch Ënnersichung umellen, kennt Dir Iech an eisem Sekretariat STP mellen**

**Tél.: +352 49771 2411**
**E-mail: dms-sante@cgdis.lu**

Fir e medezinesche Rendez-vous am STP ze plangen, rufft w.e.g. um 49771 2411 un, Méindes-Freides vu 09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.

@cgdislux

Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

**De Link zu der Newsletter: https://gd.lu/8k81W6**

*Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.*

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**https://112.public.lu/fr/publications/formations/testsportvolontaires.html**
**https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html**






- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**




**Dir sidd alleguerten agelueden fir eis Équipen ze ënnerstëtzen.**

**Et wäert e flotten Nomëtteg zu Diddeleng ginn.**

**Wann dir Infoen braucht > Thill Jonathan**

JUGEND POMPJEEËN OSTREGIOUN

## Fédération régionale des Corps de Sapeurs-Pompiers de l'Est




**Ziel vum Spill:**

Kanner sammelen op hirem Wee ronderëm Spillfeld jeeweils 2 Kaarte vun all Thema (Faarf) andeems si déi passend Froen richteg beäntweren. Dës si jeeweils aus dem aktuellen FIS I.1 an FIS I.2 respektiv aus dem CIC erausgepléckt, a sollen hëllefen hier besteeënd Wëssen opzefrëschen, respektiv ze testen. Ausserdeem sammele si och eng ACTION-Kaart andeems si eng kléng Missioun erfëllen.

Ideal gespillt gëtt mat 2-4 Kanner, respektiv 2-4 Equippen (zu jee 2 Kanner, 4-8 Persounen). Bei gudder Virbereedung kann een och mat der Unzuel eropgoen.

**Liwwerëmfank:**

409 Kaarte mat enger adequater Këscht, 4 Spilldäpp, 2 Würfelen an d'Spillbriet.


Regionaljugendleeder
Thill Jonathan

2d, rue des Fleurs
L-7681 Waldbillig

GSM: 691669842
e-mail: thilljonathan@yahoo.de

Fédération régionale des Corps de Sapeurs-Pompiers de l'Est

**Präis :**

tëscht 500 a 600€.

Ech kann do nach kee genaue Präis ginn, vue dat ech d'Spillbrieder bei gréisser Commande logescherweis wesentlech méi gënschteg kréien.

Ausserdeem testen ech nach un enger adequater Këscht.

Bei Nobestellungen wuärt de Präis sech den Drockkäschte vum Spillbriet upassen, vu que dat eenzel Spillbrieder natierlech méi deier an der Produktioun sinn.

Et gëtt awer kee Benefice mam Spill gemaach, just Materialkäschten sinn ze bezuelen.

Et wuärt just e minimale Supplement fir den Entretien vun der Maschinn gerechent ginn.

**Commande:**

Bestellt äre Set weg mam Formular an der Annexe per Mail un: thilljonathan@yahoo.de

Den Thermo-Transfer Drucker fir d'Kaarte packt allerdéngs just 70 Kaarte pro Stonn, deemno wuärt Ausliwwerung ë bëssi daueren an ech bieden em Gedold.

Précommande ass op bis de 15/05/24. Duerno kann ech net méi fir de Beschtpräis garantéieren.

Kontaktéiert mech gäre bei all äre Froen: thilljonathan@yahoo.de oder 691669842

Ë besonnesche Merci fir dëse Projet geet un d'Regioun OSTEN, de Jugendausschuss vun de lëtzebuerger Jugendpompjeeën an un YOKO-Graphics.

P.S.: Dir kënnt och nach ëmmer vum KOPPEL SICHEN 1, 2 an 3 profitéieren, wann dir dëse bis elo nach net kritt huet. Och e super Tool fir mat ären Jugendpompjeeën einfach an onkompliz éiert an d'Welt vun eise Gefierer anzedauchen. Besonnesch Stuf 3 eegent sech speziell zur Ausbildung iwwert des Thema.

Mfg


Jonathan

Regionaljugendleeder
Thill Jonathan

2d, rue des Fleurs
L-7681 Waldbillig

GSM: 691669842
e-mail: thilljonathan@yahoo.de


VEINER JUGENDRALLYE
SAVE THE DATE:
15.JUNI.2024
WOU: AM CENTRE CULTUREL (LAREI)
START: UM 10 AUER
D'STRECK: 5 KM
STARTGELD 10€ PRO JUGENDLECHEN
(INKL. 1 GEDRÉNKS + 1 WUPP + 1 GADGET)
FIR INFORMATIOUNEN AN UMELDUNGEN BIS DEN
08.JUNI2024 OP D'MAIL: KRUIZING@PT.LU
ODER OP DER NUMMER +352 691 867 960
VEINER POMPJER ASBL


5. VÖLKERBALL
JUGENDTOURNOI
JUGENDPOMPJEEËN REGIOUN ZENTRUM
19. OKTOBER 2024
UFANK 8.30 AUER
ZU BROUCH AN DER SPORTSHAAL
Fédération Régionale des Pompiers CENTRE
UMELDUNG PER MAIL: DESIREE.THILGEN@GMAIL.COM BIS DEN 30.09.2024



# BORGO VALSUGANA
# 21 BIS 27.07.2024

Vum 12 bis 14. Abrëll waren 2 Membere vun eisem Präsidium an Italien a konnten sech dovun iwwerzeegen, dass am Juli 2024 déi 24. International Jugendpompjee's Meeschterschafte kënne lass goen. Borgo Valsugana / Trentino (I) ass prett ☺.







Den 11ten Abrëll waren et nach 100 Deeg bis Jugend-Spiller uginn.

**Ctif2024official**
È iniziato il nostro COUNTDOWN! -100
Our COUNTDOWN has begun! -100
Unsere COUNTDOWN hat begonnen! -100


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

## Aus eisen Jugendsektiounen 😊

**D'Amicale vum CIS Suessem-Déifferdeng - SaDiff**

+++ Cortège Kiermes +++
Enn Abrëll, ass zu Déifferdeng Kiermes Feierlech op gaangen. Traditionell ass e Cortège zesummen mam Hämmelsmarsch duerch Déifferdeng gaangen, wou och ons Jugendpompjeeën drun deel geholl hun.






**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da gitt eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068